D'Ziel ass méi Transparenz: lech mat anzebannen an lech ze weisen, wéi eng Iwwerleeungen mer eis maachen.

Dat ass e Versuch. Mir hoffen, Dier gitt eis Är Meenung och dozou ran.

Ären Gemengen- a Schäfferot

Archiv:

Diskussioun 1: Schutz vum Patrimoine (03/21)

Diskussioun 2: Elektronesch Affichage lanscht Haaptstrooss (06/21)

Diskussioun 3: Wéi dicht bauen mer am Préizerdaul (10/21)

Diskussioun 3

Hei huet eisen éische Schäffen, de Fernand Müller (FM) Ried an Antwört gestanen am Kontext vum Vote zu engem groussen Bauprojet bei eis am Duerf, méi genee zu Rémerech.

Wéi bauen mer bei eis am Préizerdaul?

Préizerdauler Norichten: Mir schwätzen elo hei iwver d'Baustrategie vun eiser Gemeng. Huet eis Gemeng iwverhaapt Spillraum fir do selwer ze decidéieren?

FM: Jo, an engem gewëssen Mooss hu mer d'Méglechkeet fir Saachen ze definéieren, zum Beispill wéi mer eis Bebauungsdicht limitéieren. Mat esou Elementer definéieren mer dann, wéi de Charakter vun eisem Duerf sech entwéckelt: Ob mer den aktuellen wëllen bääbehalten oder ob mer méi an e städtische Charakter ginn. Dobäi muss een awer soen, et gëtt net **deen** dierfleche Charakter: Een Duerf wéi d'Fiels baut traditionell ganz dicht an ass awer e Duerf.

En aneren Facteur ass den CUS (Coefficient d'utilisation du sol). Dat ass déi Fläch, déi een op enger Parzell bebaut. Wat d'Parzell méi grouss ass, dierf en Haus logescherweis och méi grouss sinn.

D`Zesuemespill vun esou Facteuren mecht dann aus, wat op engem Terrain kann entstoen – en Appartementshaus oder e Jumelé, etc.

Wat huet et mat der Baudicht op sech ?

PN: Bleiwe mer mol bei der Baudicht – wéi steet dann eise Schäfferot dozou?

FM: De Schäfferot ass der Meenung, dat am Prinzip mat enger Dicht vu 25 de Charakter vun enger ländlecher Gemeng ka bestoe bleiwen. Dat bedeut, datt an der Regel mindestens 4 Ar Terrain pro Unitéit virgesi sinn. Natierlech gëlle fir nei Bauprojeeeën (also net wann just eng Baulück gefällt gëtt) aaner Regeln. Fir nei gréisser Bauprojeeeën ginn déi Limitten

individuell festgeluecht. Dat ass an eisem PAG (Plan d'aménagement général) scho festgeluecht ginn. De PAG ka jiddereen um Internetsite vun der Gemeng kucken.

PN: Wou kann da do iwverhaapt nach diskutéiert ginn, wann dat alles elo esou kloer ass?

FM: Mir hunn am PAG verschidden Dichten virgeschriwwen. Déi können variéieren, vun 10-25. Dat ass wéll mer énnerschiddlech Géigenden énnerschiddlech gesi, vum Charakter oder den baulechen Méglechkeeten an do eng aner Art a Weis ze bauen wëlle motivéieren. Am Kär vum Duerf baue mer zum Beispill méi dicht an zum Rand hin manner dicht, fir datt eist Duerf vu bannen no baussen wiisst.

PN: Diskussiounen ginn et also do wou énnerschiddlech Vuen drop si wat den Duerfkär ass an wat net méi?

FM: Genee. Mee et muss ee soen, dass bei den Énnerscheeder, déi mer hei bannen dem Duerf hunn, déi Erscheinungsbiller net esou uerg variéieren.

Eis maximal Dicht verhënnert awer virun allem, dass mer hei bei eis grouss Baukomplexer mat 30 Appartementer kréien wéi se zum Beispill sosswou realiséiert gi sinn. Dat war eis alleguer am Schäffen-a Gemengerot wichteg.

Et muss een och bedenken, dass esou eng grouss Dicht och e groussen Impakt op d'Infrastrukturen vun der Gemeng huet. Et muss een just un den Trafic denken, den doduerch entsteet oder den Impakt op den öffentleche Parkraum. Dofir ginn och am Kader vun de Baugeneemigungen hei am Duerf zwou Stellplaze pro Unitéit gefrot.

Op der anerer Säit muss een awer och wëssen, dat eis Infrastrukturen nëmmen dann efficace genotzt ginn, wann mer eng gewëss Baudicht erreechen.

Wéi dicht bauen mer am Préizerdaul?

PN: Wéi ass et dann mat den Obligationounen vum Staat, wéll mir sollen jo awer Wunnraum schafen?

FM: Mir sinn eis an der Gemeng dees bewosst an hu schonn am Kader vum éischte Pacte Logement eis Baulücken innerhalb vum PAG opgeholle. Am Pacte Logement 2.0 ass virgesinn, bai de neie Bauprojeeeën méi héich Dichten z'accordéieren, méi héich wéi eigentlech am PAG virgesinn. De Gemengen- a Schäfferot muss e Programme d'Action locale Logement (PAL) stëmmen, mat deem et méiglech ass, méi héich Baudichten z'autoriséieren. En Contre-partie muss de Promoteur der Gemeng dann eng Unitéit ooftrieden, déi sou fir bezuelbare Wunnraum kann zur Verfügung gestallt ginn.

Dat kënnt awer elo réischt mam a Kraft trieden vum Pacte Logement 2.0.

PN: An wéi steet eise Schäfferot dann dozou?

FM: Den Schäfferot ass der Meenung, dass mer eis konkret dofir asetzen wëllen fir bezuelbare Wunnraum ze schaafen.

PN: Mee geet dat dann net op Käschten vum Charakter vun eisem Duerf?

FM: Mir schwätzen hei finalment vun enger eenzeger Unitéit, déi méi realiséiert gëtt, maximal zwou bei engem méi grousse Projet. Dat ännert nach näischt an eisem Duerfcharakter an mir hunn awer eist Engagement fir bezuelbaren Wunnraum geholl. An dat ass Wunnraum, den aus verschidden Grénn kan méi gënschteg ugebuude ginn, fir dat sech zum Beispill och jonk Leit eegenen Wunnraum kéint leeschten.



Sozialen oder bezuelbare Wunnraum?

PN: Mir schwätzen hei awer wuelverstaanen net vu sozialem Wunnengsbau – also Wunnraum, den explizit fir BiergerInnen ass, déi entsprielchend den Critères vum Office social als bedierfeg agestuuft ginn. Gett dat och diskutéiert am Gemengen- a Schäfferot?

FM: Sécher schwätzen mer do driwwer. Notamment am Kontext HausCare – eng Agence immobilière sociale, déi mer am Kanton an d'Liewen geruff hunn fir soziale Wunnraum ze schafen an zur Verfügung ze stellen.

Konkret Bauprojeeeën gëtt et aktuell bei eis net – et ass awer an der Diskussioun, am Schlesserhaus de Volet ze bedenken a Wunnengen ze schafen. Mee do ass nach alles an de Kannerschong.

PN: Fern, wat wier Dier perséinlech nach wichteg zum Thema ze soen?

FM: Mir perséinlech ass et wichteg, dass mer an eisem PAG genee déi Dieren opmaachen, déi bezuelbaren Wunnraum méiglech maachen. Mir hunn an der Vergaangenheet probéiert alles en Détail ze regeln, mee dat war éischter kontraproduktiv fir dat Ziel ze erreechen.



Lotissement An der Wollefcheck

ETAT CIVIL


Naissances

| | |
|-------------------------------|------------|
| Pepin Zoé | 30.07.2021 |
| Junio Bevilacqua Déborah | 31.08.2021 |
| Borzykowski Ferreira Catarina | 28.09.2021 |

Mariage



Partenariat



Sandy Schuh – Franky Antony 02.08.2021

Ralph Strainchamps – Mandy Woltz 06.08.2021



De 25. Juli war de Picadilly-Bus fir eng Wäin-Dégustatioun & Take-Away bei eis op Besuch





SUMMERAKTIVITÉITEN 2021

Thema "Zirkus" stoung dëst Joer bei de Summeraktivitéiten vun der Maison Relais Préizerdaul op der Affiche. Als kréinenden Ofschloss vun der éischter Woch konnten di jonk Clownen, Artisten a Jongleuren zesumme mat hire Moniteuren den Elteren eng fantastesch Zirkusshow presentéieren a kruten och duerfir de méi ewéi verdéngten Applaus.



Eng flott Aktivitéit vun der Maison Relais

An der Summervakanz sinn d'Mauer en am Schoulhaff nei bemoolt ginn



Nei Klammwand an der Maison Relais

Säit e puer Wochen ass d'Maison Relais rëm em eng Attraktioun méi räich.

Fir d'Motorik an d'Beweegung bei de Kanner nach weider ze fuerderen, huet de Gemengerot op Wonsch vum Personal aus der Maison Relais eng flott Klammwand geneemegt. Hei können d'Kanner lo ganz flott e bësse "boulderen"!



D'Equip aus der Maison Relais - Schouljoer 2021/2022



4. Rei : Gaby Plier-Schumacher, Alexandria Mirizzi-Saldana, Sabrina Ancèle, Manuela Thilmany
3. Rei: Joëlle Hatto-Lutz, Kristin Hendrickx, Carole Goelfff-Schmit, Nicole Liltz
2. Rei: Patrick Zigrand, Yann Kirchen, Patrick Antony, Sanny Wosko-Nei
1. Rei: Laurence Rommes, Lony Muller, Mariëtte den Hollander



Arlette Hoffmann





RENTRÉE SCOLAIRE 2021/2022

Schoul Préizerdaul

3, rue de l'école L-8606 Bettborn

Tél. : 266 299 300

e-mail : classe99.bettborn@ecole.lu

| | |
|--|--|
| Présidente du comité « Schoul Préizerdaul » | Nathalie Gremling Présence au bureau sur RV école primaire rez de chaussée tél. 266 299 300 ou 691 629102 e-mail: nathalie.gremling@education.lu |
| Direction de région Redange Région 13 74, Grand-Rue L-8510 Redange | Patrick Mergen, Directeur Tél. 247-55840 secretariat.redange@men.lu |

Calendrier des vacances et congés scolaires

| Vacances | Date début (inclus) | Date fin (inclus) |
|--------------------------|------------------------|-------------------|
| Toussaint | 30 octobre 2021 | 7 novembre 2021 |
| Jour de la Saint-Nicolas | Lundi, 6 décembre 2021 | |
| Noël | 18 décembre 2021 | 2 janvier 2022 |
| Carnaval | 12 février 2022 | 20 février 2022 |
| Pâques | 2 avril 2022 | 18 avril 2022 |
| Journée d'Europe | Lundi, 9 mai 2022 | |
| Pentecôte | 21 mai 2022 | 29 mai 2022 |
| Lundi de Pentecôte | 6 juin 2022 | |
| Fête Nationale | jeudi, 23 juin 2022 | |
| Vacances d'été | 16 juillet 2022 | 14 septembre 2022 |

Eis Schoukklassen vum Joer 2021/2022



Cycle 1: Précoce

Titulaires: Cathy Steichen & Shari Schaus

Jill Van der Weken + Kristin Hendrickx, éducatrices



Cycle 1.1. & 1.2. Préscolaire

Titulaire : Anne-Marie Weyland



Cycle 1.1. & 1.2. Préscolaire
Titulaire : Samantha Schoos



Cycle 2.1 Titulaire : Nancy Gasperini



Cycle 2.2 A Titulaire : Jan Lopes Henriques



Cycle 2.2 B Titulaire : Fabienne Schmit



Cycle 3.1 Titulaire: Vanessa Braun



Cycle 3.2 Titulaire: Nicole Huber



Cycle 4.1 A Titulaire: Malou Boever



Cycle 4.1 B Titulaire: Mandy Boes



Cycle 4.2 Titulaire: Patrick Thill

Aner Intervenant'en an der Schoul

❖ **Claudine Peiffer, I-EBS**

Institutrice spécialisée dans la scolarisation des enfants à besoins particuliers ou spécifiques

Tél. 266 299 308 e-mail : claudine.peiffer@education.lu

❖ Louis Sinner, accueil

Tél. 266 299 333

❖ Carole Hansen, éducatrice ESEB, assistante en classe

Représentants des parents d'élèves

Vincenzo Colamonaco

Paul De Leon

Danielle Roemen-Reiser

(Deux places libres seront occupées lors des élections en automne)



Nathalie Gremling



Jean-Paul Sinner



Claudine Peiffer




Myriam Reuland



Sylvie Conrad



Géraldine Lagodny



Carole Hansen



Louis Sinner



Tom Müller

GAUCHE, DROITE, GAUCHE ...

- Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
- Je traverse la rue au passage pour piétons : rouge je dois m'arrêter, vert je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.
- S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends au bord de la chaussée où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent. Ensuite gauche, droite, gauche...



LES PARENTS DONNENT L'EXEMPLE !

- Expliquez à votre/vos enfant(s) les règles élémentaires de la circulation.
- Sensibilisez votre/vos enfant(s) aux dangers de la route.
- Faites plusieurs fois le chemin de l'école ensemble.
- Respectez vous-même les règles du Code de la route : ne stationnez pas sur les passages pour piétons ou sur le trottoir.
- Faites en sorte que votre enfant monte et descende de la voiture toujours du côté du trottoir.

JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus aisément dans le noir, je porte :

- des vêtements clairs,
- des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,
- un gilet de sécurité.

CEINTURE DE SÉCURITÉ ET SIÈGE POUR ENFANTS !

Même pour des trajets courts !

- En voiture, il faut toujours être attaché, soit avec la ceinture, soit dans le siège pour enfants.
- Un enfant âgé entre 3 et 17 ans accomplis, dont la taille n'atteint pas 150 cm, doit être transporté dans un siège pour enfants ou un rehausseur qui correspond à sa taille et son poids.

Attention accrue lors de la rentrée des classes

Surtout les enfants plus jeunes ne connaissent pas encore les dangers de la route et sont moins visibles à cause de leur petite taille. S'y ajoute une certaine agitation lors de la rentrée scolaire qui peut leur faire oublier les règles élémentaires de la circulation. Une attention particulière est donc requise de la part de tous les usagers de la route :

- Soyez attentif et faites attention aux enfants.
- Adaptez votre vitesse aux abords des écoles.

**D'Kanner vum Cycle 2 besichen d'Kanéngerchesaustellung vum
Rex-Club op der Fabrik de 24.09.2021**





Par ATERTDALL Sainte-CLAIRe

Kierchen:

Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kahlenberg, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl

Gemengen:

Biekerech, Ell, Groussbus, Réiden, Préizerdaul, Useldeng, Vichten, Wahl

CENTRE PAROISSIAL: Tél.: 23 62 10 53 Adresse: 40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert

E-Mail: atertdall@cathol.lu

Site: <https://cathol.lu/atertdall>

KONTOSNUMMER: **BCEELL LU57 0019 5055 9545 4000 / Kierchefong – Par Atertdall CGP08**

ÉQUIPE PASTORALE: Père Jean-Jacques FLAMMANG SCJ, curé-modérateur Tél : 661 746 852 jjf@scj.lu

Père Mathieu JANSSEN M.O., curé

Abbé Vincent T., subsidiaire

Joke de KROON, c. pastorale & catéchèse Tel. 691 497 273 joke.dekroon@cathol.lu

Michèle ASSERAY, secrétaire Tel : 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu

MASSBESTELLUNGEN / COMMANDE DE MESSES: Tel: 23 62 10 53 / atertdall@cathol.lu

KRANKEN- & ALTENPASTORAL / PASTORALE DES MALADES & PERSONNES AGÉES:

Marie-Claire Rasqué tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

NOUT-TELEFON BEGRIEFNISPASTORAL / TÉLÉPHONE D'URGENCE EQUIPE DES FUNÉRAILLES tél. 621 686 102

D'Buch mat de Faaschtekonferenzen ass erauskomm

An der Faaschtenzäit hat d'Par Atertdall Sainte-Claire e Konferenzzyklus «Ad Fontes Fidei - Zu de Quelle vum Glawen» organiséiert. Dës Konferenzen behandelen d'Gottes- an d'Glawenskris haut, awer och déi nei Weeér zum Glawen. Si weisen op, wéi de Glawen kann eise Bléck op d'Welt an op déi aner änneren, a wéi een aus dem Glawen eraus säi Liewen ka besser gestalten.

Als Konferenzler waren folgend Persounen invitéeiert, deenen hir

Virträg elo am Buch verëffentlecht sinn:

Mgr Leo Wagener,

Weibëschof a Generalvikar vu Lëtzebuerg:

Ad Fontes Fidei - Zu de Quelle vum Glawen. Impulser an Iwwerleeungen.

Renée Schmit,

Bëscheeflech Delegéiert fir Evangeliséierung an diözesan Bildung:

Um Wee vun der (Nei)evangeliséierung

P. Théo Klein SCJ, Conseiller spirituel

**Das Immunsystem in dieser Zeit
durch den Glauben stärken**

Abbé Vincent Billot,

Subsidiaire à la Paroisse, préparant une thèse de doctorant en théologie

La foi et la conversion du regard.

La foi comme expérience d'un grand amour.



D'Buch huet 100 Säiten a kascht 10 €. Dir kënnt et op internet bei bod.de, amazon.de oder soss e Bicherhändler bestellen; oder am Parbüro, 40 rue principale zu Réiden ofhuelen.

Tour du Duerf 2021

Vélostour duerch eis Gemeng



Am Kader vun der Aktioun "Mobilitéit am Kanton Réiden" waren all Vélofuerer aus dem Kanton Réiden invitéiert ginn fir mat hiere Gemengevertrieder zesummen um „Tour du Duerf 2021“ deelzehuelen.

Esou och am Préizerdaul, wou gutt 20 begeeschtert Vélofuerer e Sonndig, 19. September e flotten Tour vu ronn 22 Kilometer iwer d'Strooss an iwer Feld- a Bëschwéeër vum Territoire vun der ganzer Gemeng konnten erliewen.

De Buergermeeschter Marc Gergen huet alle Bedeeligten fir hiert Engagement Merci gesoot an zum Schluss vum Tour op e Patt invitéiert. All gefuerene Kilometer ass och online agedroe ginn fir spéider un der grousser Verlousung vun all de Participanten aus dem Réidener Kanton derbei ze sinn.



ZESUMMEN ËNNERWEE

10 Tipps fir e respektvollen Ëmgang tëschent Vélosfuerer a Foussgänger



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

1. Léns zu Fouss, riets mam Vélo: Foussgänger sollen sech op der lénker Säit vum Wee halen. Vélosfuerer sollen sech op der rietser Säit vum Wee halen.

2. Vitesse upassen: Et ass wichteg zu all Moment op énnerschiddlech Situations reagéieren ze kënnen an émmer d'Kontroll iwwer de Vélo ze behalen.

3. Ofstand suergt fir Sécherheet: Vélosfuerer solle beim Iwwerhuele genuch Ofstand zu Foussgänger an anere Vélosfuerer halen. Foussgänger sollen de Vélosfuerer och genuch Plaz loosse fir laanscht ze fueren.

4. Schelle virum Iwwerhuelen: Duerch d'Schelle soll de Vélosfuerer de Foussgänger mat genuch Distanz op sech opmierksam maachen. Esou erschreckt de Foussgänger net, wann de Vélo vun hanne kënnt.

5. Bléckkontakt: Bléckkontakt zu sengem Géigen-iwwer schaft Vertrauen a Sécherheet. Duerch de Bléckkontakt kann ee sécher sinn, dass ee vu sengem Gégeniwwer gesi gëtt.

6. Moien a Merci: Fir e respektvollt Mateneen dinn e "Moien" an e "Merci" émmer gutt.

7. Richtungswiessel ukënnnegen: Richtungswiessel vum Vélosfuerer solle mat entspriedenden Handzeichen ugekënnegt ginn. Duerch kloer Zeechesprooch weist de Vélosfuerer de Foussgänger an anere Vélosfuerer wat e maache wéll.


8. Haart Musek an Handy vermeiden: Am Verkéier ass et wichteg op sain Émfeld opzepassen. Dofir soll ee vermeiden ze oft op den Handy ze kucken oder haart Musek ze lauschteren.

9. Den Hond un d'Léngt: Net jidderee weess wéi en Hond reagéiert an en Hond un der kuerzer Léngt gëtt jidderengem méi Sécherheet.

10. D'Ëmwelt respektéieren: Vélosfuerer a Foussgänger sollen näischt an d'Natur geheien.

De Stomp ass net d'Enn vun der Zigaret. FIR D'NATUR ASS E JUST DEN UFANK VUM PROBLEM.

2/3 landen op der Strooss, um Trottoir oder am Waasser!




De Filter ass aus **Plastik** dee sech némme ganz lues (an net komplett) an der Natur zersetzt.

E klenge Reen geet duer, fir déi **gëfteg** Stoffer an eis Biedem a Flëss ze bréngen.



D'Stëmp kënne vu wëllen **Déiere** giess ginn an zum Leiden / Doud féieren.



Zigarettestëmp sinn deen Offall, deen am heefegsten an der Natur ewechgeheit gëtt.



Si gehéieren net op de Buedem, mee an den **Äschebecher** / an d'Poubelle!



**RESPEKT.
OUNI FILTER.**



CNK ASBL PREIZERDAUL

7^{ten} Criterium international Néckel Koob




Den 3. Juli huet ons lokal Equipe vun der Criterium Néckel Koob asbl op hiren 7ten internationalen Criterium fir Oldtimer a Youngtimer an de Preizerdaul invitéiert. Schons wei d'Virgängereditionen wor och de Cru 2021 erem e groussen Erfolleg. Am Ganzen hu sech moies am Preizerdaul 68 Teamer afond gehat fir um 9h30 op d'Streck ze goen. Desen Navigatiounsrallye gett an zwou Kategorien gefuer, eng Expert fir d'Profien an eng Touring fir dei Leit dei emol wellen probéieren esou een Navigatiounsrallye ze fueren an e flossen Dag a beschter Gesellschaft ze verbrengen. Et geet hei net em Vitesse, me et gett no engem Roadbook gefuer dat d'Tamer um Start kreien an no diem se da mussen eng virdefineert Streck offueren. Ennerwee stin dann och Indicen dei se op hir Bordkarten mussen notéieren.

Moies ab 8h30 hun dei eischt Teamer sech am Preizerdaul afond wou se dann um Parking hir Stellplatz kruten, aer Pilot a Copilot an de Covid Check gescheckt gi sin. Dass Organisatioun ass natirlech enner de sanitären Mesuren vum 3G Covidcheck ofgehale gin. Nom Covidcheck hun dun all Teamer sech am Haff bei der Fabrik afond, wou se hir Startnummer an Autoschelder kruten, esou wie e klenge Cadeau vum Organisator. Am Bistro op der Fabrik gouf et du Kaffi mat klengen Viennoiserien, äer de Briefing vum Orlaf vum Dag gemach gouf.

Ab 9h30 gouf dun een Team nom aner am Ofstand vun 30 Sekonnen op d'Streck gescheckt. Dei eischt Etapp vu moies wor eng 90km lang an huet iwer ganz flott Platzen am Land op Longsduerf gefouert, wou dann am Restaurant Faust e fantastecht Mettigiesen op all Teilnehmer gewart huet. Eng logistisch Meschterleschtung fir a kurzer Zäit iwer 150 Léit e genereist Mettigiesen opzedeschen fir dass se erem zu Zäit dei zweet Etapp an Ugreff konnten huelen, dei se dann erem zereck an de Preizerdaul gefouert huet.

Nodiems all Teamer de Wee zereck an den Daul fond haten, wor dun de gemittlichen Deel vum Rallye am Kader vun der Fabrik, wou bei engem gudde Pättchen gefachsimplert gouf, äer dun den traditionellen Rallyebuffet aus dem Haus Mathieu vu Reiden opgedescht gouf. No der Präissverdeelung wou dei 3 eischt Teamer vun all Kategorie e Pokal iwerrecht kruten, sin dann och Wanderpokaler un dien eischten Expert an un den eischten Touring iwerrecht gin, esou wie e Wanderpokal fir dat eischt Preizerdauler Team dien vum John Lagodny a senger Duechter gewonn gouf. Bei senger Usproch huet de President vun der CNK asbl Edy Graf allen Teamer e grousse Merci ausgesprach an hinne rendez-vous fir dei nächst Editioun am Juli 2022 am Preizerdaul gin. E grousse Merci gung och un d'Gemeng Preizerdaul fir hir Ennerstetzung, souwei alle Sponsoren vum Criterium ouni dienen hir finanziell Ennerstetzung dess Organisatioun nit kinnt stattfannen. Desweideren huet de President dei exemplär Arbicht vun de Kollegen aus dem Verein erfirgehoff, dei keng Zeit a keng Meih gescheit haten fir dass och dei 7. Editioun vum Criterium Néckel Koob enner de ville Kontrainten vun de sanitären Gegebenheeten konnt stattfannen.

7^{ten} Criterium international Néckel Koob







Erfolgreiches Fußballcamp für Torhüter und Feldspieler

Drittes regionales Fußballcamp der Sportfreunde Atertdaul (AFVA) im Préizerdaul

Nachdem im vergangenen Jahr das Fußball Camp infolge der Corona Pandemie nicht stattfinden konnte, freute sich der Veranstalter, die „Amis Footballeurs de la Vallée de l'Attert“, umso mehr dieses Jahr das Fußballcamp vom 2. August bis zum 6. August auf dem synthetischen Fußballfeld im „Préizerdaul“ zu veranstalten.

Zum ersten Mal in der Geschichte des Vereins nahm auch ein Mädchen am Camp teil. Während einer Woche wurden 34 jugendliche Fußballer darunter 6 Torhüter, unter Anleitung diplomierter Fußballtrainer, in den Basistechniken unterrichtet. Die Trainingseinheiten der Feldspieler wurden unter der Leitung von Marco Cornaro und Egide Thill absolviert, während Hugo Correia für das spezifische Torwarttraining verantwortlich war. Tatkräftig unterstützt wurden sie von Joé Matgen, Bernard Louis, Luca Collé, Noah Thill sowie von Luss Bucari und Guy Bintz. Besonderen Wert wurde in den Trainingseinheiten auf die richtige Ausführung der Übungen gelegt.

Der tägliche, einstündige Aufenthalt im Redinger Schwimmbad sorgte sowohl bei den Fußballern als auch bei den Trainern für eine angenehme Abwechslung.

Bedingt durch die COVID-Auflagen wurden beglaubigte Schnelltests unter der kompetenten Leitung von Sandra Poos und Karin Reiter durchgeführt. Sehr erfreulich war dabei, dass keiner der Teilnehmer am Fußball Camp positiv getestet wurde. Die Bescheinigungen der Tests standen den Eltern über das Portal „My Guichet“ zur Verfügung.

Zum Abschlussfest des diesjährigen Fußballcamps lud die Gemeinde Préizerdaul, vertreten durch den Schöffen Marc Rehlinger, auf den Ehrenwein ein. Während dieser Feier überreichte Egide Thill, Präsident der AFVA, Abschlusszeugnisse an die Feldspieler. Er liess es sich nicht nehmen seinen Trainern für Ihren Einsatz unter der Woche seinen aufrichtigen Dank auszusprechen. Egide Thill unterstrich ebenfalls die hervorragende Arbeit des Küchenpersonals unter der Leitung von Josiane Graf. Das Küchenpersonal wie auch sämtliche Trainer standen der AFVA-Vereinigung unentgeltlich während einer Woche zur Verfügung. Jeden Tag sorgte die Mannschaft um Josiane Graf, Edy Graf, Marc Rasqué, Enzo Colamonaco, Simone Even und Rafael Thill für eine leckere Mahlzeit.

Die Organisation dieses Fußball Camps war nur möglich durch die großzügige Unterstützung der Gemeindeverwaltung Préizerdaul und dem lokalen Fußballverein F.C. Préizerdaul-Réiden.

Kiermes am Préizerdaul den 11. & 12. September



D'Préizerdauler
Musik
spillt den
Hämmelmarsch



**an d'Amicale Pompjeeën
Préizerdaul zervéiert
Kiermesham**



D'Amicale vum Drëtten Alter kacht Quetschekraut

Festival « Musique dans la Vallée / « Musik am Atertdaul »



Folk baroque écossais à Bettborn

L'édition 2020 du festival « Musique dans la Vallée » ayant dû être annulée, c'est avec beaucoup de satisfaction et d'émotion que les cinq communes de la vallée de l'Attert belgo-luxembourgeoise (Attert, Beckerich, Ell, Préizerdaul et Redange) ont organisé la 23^e édition de ce rendez-vous culturel tant attendu dans la région.

Début octobre, le festival a fait halte **en l'église de Bettborn**, avec le groupe belge **The New baroque Times** pour une soirée de **folk baroque écossais dans un programme s'intitulant « My love is like a red rose »**.

Sous la direction de Pablo Garcia, l'ensemble était composé d'une voix, d'une harpe, d'une guitare, de deux violons, d'un violoncelle, d'un clavecin et d'une flûte. Très vite, cet ensemble s'est imposé comme un des meilleurs ensembles de musiques anciennes en Belgique. Salué par la presse spécialisée en Belgique et à l'étranger, il se démarque par son tempérament et la grande qualité artistique de ses prestations.

Les mélodies écossaises ont le pouvoir de l'enchantement immédiat. Et le public présent a apprécié. Les musiciens étaient heureux d'être sur scène après cette longue pause forcée et le public a répondu en nombre.

Le festival a pu compter sur l'aide précieuse de la commune, de la fabrique d'église, du Syndicat d'initiative et de la Philharmonie de Préizerdaul.




YOGAKUEREN AM PRÉIZERDAUL

De Prem Yoga & Sound Center presentéiert iech seng Aktivitéiten am Préizerdaul:

**All Densden vun 19h00-20h30 Kundalini Yoga
am "Centre Culturel Op der Fabrik"**

Kundalini Yogathérapie op Rendez-vous

Mantra an Häerzlidder Matsangconcert ee mol de Mount



Le Prem Yoga & Sound Center vous propose ses activités au Préizerdaul :

**Tous les mardis de 19h00 – 20h30 Cours de Kundalini Yoga
au « Centre Culturel Op der Fabrik »**

Kundalini Yogathérapie sur Rendez-vous

Concert de Mantras et Chants du Cœur une fois par mois

**Fier wéider Informatiounen mellt iech beim Sandra um 621217923
oder per Mail: premyogasound@gmail.com**

**Prem Yoga & Sound Center
2, Ueligmillen
L-8611 Platen**

DemokraWAT??

**DEMOKRATIE
ERFUERSCHEN**



Den
DemokratieLabo

**vum 08/11/21 bis de 18/12/21
am Atert Lycée Réiden**

an Zesummenaarbecht mat de Gemengen
Préizerdaul a Réiden op der Atert

Den DemokratieLabo

Déi interaktiv, auto-guidéiert a méisproocheg Ausstellung iwwer d'Demokratie an d'Gesellschaft a Lëtzebuerg.



„Entdeckt,
sidd virwëtzeg,
kuckt
ganz genee
a gitt
de Saachen
op de Fong!“

Wéi an engem richtege Labo, invitíert Den DemokratieLabo lech Neies ze entdecken an ze erfuerschen.

An dëser Ausstellung kann een d'Demokratie op eng spilleresch Aart a Weis erfuerschen, testen an énnersichen. Eng „färdeg“ Demokratie gëtt et net, et ass e Prozess, dee vun énnerschiddleche Meenunge liefet an ni ofgeschloss ass.



Atert-Lycée Réiden

1 Rue du Lycée, 8508 Réiden op der Atert



vum 8. 11. bis den 18. 12. 2021

Grand public: Samschdegs vun 8-16 Auer
Gruppen: op Ufro owes an der Woch



fir jidderee vun 12 bis 99 Joer



Sproochen: Däitsch, Englesch, Franséisch

Den DemokratieLabo ass eng Wanderausstellung a ka vu Lycéeën, Gemengen, kulturellen Institutiounen an Associatiounen ausgeléint ginn. Fannt eist Zousazmaterial, begleedend Workshops a weider Informatiounen op www.demokriatelabo.lu.



eng Ausstellung
vum Zentrum fir
politesch Bildung
www.zpb.lu



Unser neues Herbstprogramm ist erschienen – hier ein kleiner Einblick.

Bitte beachten Sie, dass wegen der aktuellen Situation mehrere unserer Aktivitäten nur unter Vorbehalt stattfinden können. Wir danken Ihnen für Ihr Verständnis.

Voici un petit aperçu de notre nouveau programme d'automne.

Veuillez noter qu'en raison de la situation actuelle, plusieurs activités ne peuvent avoir lieu que sous réserve.
Nous vous remercions de votre compréhension.

SEPTEMBER / SEPTEMBRE

**GEFÜHRTE WANDERUNG
FLUCHTHELFERWEG
TROISVIERGES**

Mittwoch, den 29. September

OKTOBER / OCTOBRE

**ATELIER: LE MONDE DE LA
FERMENTATION**
En langue française
Mardi, le 19 octobre

**GEMÜTLICHES HERBSTWANDERN
MIT DEM ESEL**
Freitag, den 01. Oktober

NOVEMBER / NOVEMBRE

ACL – Geführte Besichtigung
Donnerstag, den 11. November

WEIHNACHTSGESTECK
Freitag, den 26. November

AUTOMASSAGE PALMAIRE
En langue française
Mercredi, le 10 novembre

COURS DE CUISINE
En langue française
Vendredi, le 12 novembre

**MAGASIN BIO « LES ATELIERS DE
CAROLINE »**
Vendredi, le 19 novembre

DEZEMBER / DÉCEMBRE

**WEIHNACHTSMARKT IM CLUB
ATERTDALL**
22. November bis 15. Dezember

ATELIER DE VANNERIE
En langue française
Jeudi, le 02 décembre

**Unser komplettes Programm
finden Sie in unserer Broschüre
oder im Internet www.help.lu
Für weitere Informationen sind
wir gerne für Sie da.
T.: 27 55-33 70**



Léif Dauler a Frënn vun der Schimmelkëscht,

Laang ass et hier, dass mir nees een Theaterowend am Préizerdaul konnten an d'Aa faassen. De Feeling vun den Theaterprouwe, mam Gegecks, dem ville Text-Gedrumms, dausend mol vertréppelt a verschwat bis all Saz richteg sëtzt ... an dann di ganz Opreegung wann et op d'Virstellungen duer geet!



Mir hoffen, dass et iech och an de Fangere kribbelt fir nees bei eis an de Festsall ze komme, fir een Owend laang gutt haart mat eis ze laachen. Dowéinst schreift iech scho mol d'Datumer fir dëst Joer op:

Mir spiller traditionell um Weekend viru Chrëschtdag, Freides a Samschdes de 17. an 18. Dezember um 20:00 Auer, a Sonndes den 19. Dezember um 18:00.

Ënnert der Regie vum Nathalie Gremling spille mir: **Kaviar träfft Currywurscht**

Dir kënnt är Plaze beim Josée Ruppert reservéieren ënnert dem Telefon: 23621555,
oder per Mail op daulerschimmelkescht@gmail.com.



Commune de Beckerich

Adventszeit um Westtour

27. & 28.11.2021

Fr. 13h00 - 21h00 et Di. 11h00 - 18h00

*Flange · Hovelange · Beckerich ·
Oberpallen · Huttange*

www.westtour.lu

En respectant les mesures actuelles avec l'autorisation de la Santé
et du support de la Commune de Beckerich

Organisation Carmen Thoma et Sonja Evers



RECYCLÉ

Papier fait à
partir de
matériaux recyclés

FSC® C004990